X'

# VERGEWALTEGT, GEZWONGEN :

Si Haten eis Hemecht, eis Fräiheet geholl
eise Fuendel,... eis hellecht's Gidder
si haten entweiht ons Hemechts'scholl
verbueden eis Sprooch an och eis Lidder

Mir konnten nët erdroen den Zwang an déi Schmood
mir haten eist Land esou giren
Géint Terror,Prisong ewéi Verrot
wëlle mir eis bis zum leschte wieren

Ni hätte mir och gebrach deen hëllegen Eed
dee mir der Hemecht geschwueren
si trei dir nach am déiwste Leed
o Lëtzebuerg dat mech gebueren

Wéi si eis gezwongen,verfollegt,gehäzt,gejot
an op de kräizwee eis gezwongen
hu stëll mir eise leschten ame gesot
mat him ass eist Liewen verklongen

Mir ruffen dech haut,léift Hemechtsland
fir dat mir sou villes gelidden
o bleif an der Fräiheet och trei déngem Kand
et gong an der Doud fir däi Fridden.

Jäng HAAS, Schëffléng.

<u>Zu Eieren:</u>

vun deene Scheffléngeг,déi an den Nazijoeren 194o-1944
fir d'Hemecht gelidden a gestridden hun,
déi fir hir Trei zu Troun a Lëtzebuerg
hiirt Liewen durech d'Nazibrütten hu misse lossen
an hirgin.

Den Autor.

Mir Schëfflënger

mir hun eis Helden,Martyrer,déi fir d'Hemecht hiirt d'Liewen duerch Verbriecher aus Nazidäitschland an den Doud hu misse goen nët vergiess a wäerden si och ni vergiessen.Hinnen zu Eieren a merci huet déi Schefflënger Populatioun "ennert derÄra Denise Netgen Buergermeeschter,"ennert de Ära Astrid Lulling,Buergermeeschtesch zesummen mat der Resistenzler Haas Pir, Haas Marcel,Paulus Etienne,Kayser Camille,Haas Jäng,Hoor Mich,Schmit J asw...,eng Salle de Resistance,e Square an eng Strooss Albert Wingert, e Square Biren Eugene,e Square Adam Hans,e Square de la Grève eng Strooss de la Libération,eng Strooss de la Paix an nëtt ze vergiessen e Monument zu Eieren fir déi Mammen an Fraen déi an de Nazijoere fir d'Hemecht gelidden a gestridden hun entstanen.

Dës Chronik ass no beschtem Wëssen an Gewëssen niddergeschriwwen an kann duurech Dokumenter,Photoën,Beweiser an Zeien bewisen gin.Den Autor selwer huet déi Nazijoeren 1940-1945 erlieft,matgemaach a gesin, hie wor Mattgrënner vun der Widuerstandsgrupp Roude Léiw Schëffléng,an L.P.P.D., Resistenzler vun der éischter Stonn un.Dürech Verot ?huet hie sech dem Zugrëff seitens der Gestapo entzunn an ass ënnergedaucht. Hie gouf vun der Gestapo, Polizei gesicht,gehetzt,gejot als Staatsfeind No. 1.(Nummer eent) wegen Beihilfe zur Fahnenflucht und arbeiten mit dem Feind.
Als Resistenzler gouf hie matt héigen in an auslännesche Auszeechnongen dékoréiert.

Den Autor:
Jäng HAAS, Schëffléng.